PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 2685

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:11, 19/08/2020

Lëtzebuerg, den 19/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 10te Juni 2020 huet *McKinsey* zesumme mat *Google* een Diskussiounspabéier publizéiert mam Titel "The future of work in Europe", deen op Basis vun den NUTS-3 Regiounen den Aarbechtsmaart analyséiert. Lëtzebuerg gouf am Kader vun dësem Rapport als en "Superstar Hub" klassifizéiert a kéint vun engem Wuesstemspotential vun 13,7% neien Aarbechtsplazen tëscht 2018 an 2030 ausgoen.

Am Gesetzesprojet n° 6387 hat d'Regierung deemools virausgesot, datt, fir eise Pensiounssystem ze stabiliséieren, den Emploi all Joer ëm 1,5% misst klammen. De Rapport vu *McKinsey* geet elo awer just vun 1,14% pro Joer aus an dat ouni den Impakt vun der Corona-Kris ze bezifferen. Trotzdeem soen seng Auteuren, datt op den Horizont 2030 d'Projektiounen trotz der Kris misste stëmmen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi een Impakt op de Pensiounssystem hätt eng Croissance Moyenne vun 1,14% amplaz 1,5% wärend deenen nächsten zéng Joer?

2. Am Rapport vum *Groupe de Travail Pensions* vum 16te Mee 2018 gouf geschriwwen, datt, fir en Equiliber vun der Pensiounskeess ze erreechen, den Emploi bis 2046 tëscht 2,28% an 2,64% pro Joer misst wuessen. Wat sinn d'Pläng vum Minister, fir och den zukünftege Generatiounen eng Pensioun ze garantéieren, wëssend, datt d'Projektioune vu McKinsey drop hiweisen, datt de Wuesstem vum Emploi bis 2030 net de Seuil vun 2,28% erreeche wäert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 18 septembre 2020

Référence : 833xcd52a

Objet : Question parlementaire n°2685 du 19 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la pérennité du système de retraite

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2685 du 19 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la pérennité du système de retraite.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité sociale

Abílio FERNANDES MORAIS
Premier Conseiller de Gouvernement

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°2685

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2685 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert d'Perenniteit vum Pensiounssystem

Den Artikel 238 vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit vir dat d'Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet (IGSS) e technesche Bilan an aktuariel Previsiounen fir all Deckungsperiod (vun 10 Joer) muss maachen. De selwechten Artikel gesäit vir dat d'IGSS zur Mëtt vun der jeeweileger Period eng Aktualisatioun vum technesche Bilan muss maachen. Dës Aktualisatioun ass 2016 gemaach ginn an de nächste Bilan muss virun 2023, wat den Ufank vun der nächster 10-Joeresperiod ass, gemaach ginn. Déi technesch Detailer stinn am Bilan vun der IGSS deen den 2. Dezember 2016 virgestallt gouf[1].

Et muss een de nächste Bilan vun der IGSS ofwaarden bevir een sech kann iwwert den zukënftegen Equiliber vun der Pensiounskeess prononcéieren.

Et ass awer ervir zu hiewen, dat d'Pensiounsreform vun 2012 mam Zil gemaach gouf, fir esouwuel déi aktuell Pensiounen ofzesécheren, ewéi déi vun den zukënftegen Generatiounen.

[1] https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2016/12-decembre/02-bilan-assurance-pension.html